piraten.lu

N°2781
Entrée le 14.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.08.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand, Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

A verschiddene Restauranten kréien Clienten virum Bezuelen eng provisoresch Rechnung ausgestallt, wou "facture provisoire" oder "pro forma" drop steht. Et handelt sech dobäi net ëm eng Rechnung, mee ëm eng Offer an déi definitiv Rechnung ass domadder net am Buchung-oder Keessesystem vum Restaurant agedroen. Esou kann et gutt sinn, dass wann de Client Cash bezilt, dës Suen net an der Keess landen, wat d'Dier fir Geldwäsch a Steierhannerzéiung opmécht.

Am Gesetz ass am Code de Commerce festgehalen, dass Transaktioune mat enger Rechnung beluecht musse ginn an eng propper Comptabilitéit muss féieren, wat d'Austelle vu Rechnunge viraussetzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet de Client ee Recht, fir eng definitiv Rechnung, wou net "pro forma" dropsteet, vum Commerçant anzefuerderen?

2. Wéi soll ee Client sech uleeën, wann ee Commerçant him keng definitiv Rechnung ausstelle wëll?

3. Wéi eng Strofen musse Restaurateuren a Kaf huelen, wa si dem Client keng Kopie vun der Rechnung ausstellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés